# Rapport réunion CdJ du 12.5.2025

Présents: Lex Schroeder, Guy Kruchten, Romain Engels, Claude Magar, Dan Wiseler, Marco Schmit, Marco Schmitz, Suzie Godart
Excusé: Serge Raach
Assiste: Richard Spautz (CA)

- Adaptation Rapport Réunioun CdJ vum 22.4.2025

De Rapport gët eestëmmeg ugehuel, de Romain Engels schéckt e weider un d'Sekretariat vun der Federatioun fir Publikatioun.

- Rapport Course Schëffleng (Suzie)

Et goufe keng besonnësch Virfäll op der Course, ët as just bemierkt gin, dat mir missten am Reglement festhale, wéi eng Héicht vu Rampen dierfe bei deene verschiddene Kategorien agesat gin, dat fir jidfereen déi selwecht Regele sin.

D'Aschreiwunge vun den Non-Licenciés huelen immens vill Zäit, duefir soll den Ziedel vun der Autorisatioun ausgefëllt sin, ier d'Leit sech an d'Schlaang stelle fir d'Umeldung.

- Rapport Course Käldall (Lex)

Och hei gouf ët keng speziell Virfäll. Et as just ze bemierken, dat d'Veräiner am Virfeld keng fix Ronnenzuel sollen ugin, dat Handlungsspillraum bleiwt fir d'Renndauer unzepassen, dat se de jeweilegen Zäiten entsprëcht.

Et gouf ee klenge Problem mat enger Kaderplack vun engem NL, an de Papp vun engem Meedche koum reklaméieren, dat säi Meedchen um Podium wier, mee d'Meedche war iwerronnt.

- Klassementer Coursen a Generalklassement(Guy)

**Klassement Schëffleng**
Beim Auswäerten vum Schëfflenger Klassement ass opgefall datt bei Bambi 1 de Lanners Fynn 2x drastoung.

Och war bei Bambi 1 den Datum vun der Course falsch : **28/09/2024** amplaz vun 27/04/2025
Bei Bambi 3 ass engem Meedchen säi Virnumm falsch notéiert ginn : HOSINGER Lyn**n** amplaz vun HOSINGER Lyn

**Klassement Atertdaul**
Nodréilech ass opgefall datt beim Klassement vum CT Atertdaul den MORISSEAU Charles-Antoine vun der UC DIPPACH schons zanter dem Februar eng valabel Lizenz huet an domat **keen** Non-Licencié ass.

Laut Reglement vun der Commission Jeunes kënnen och Lizenzéierter sech nach den Dag selwer vun der Course umellen.
Dofir d'Info un déi aner Memberen vun der Commission :
Net jidfereen deen sech den Dag selwer vun der Course nach aschreift ass een Non-Licencié ! Dat kann och nach een Lizenzéierter sinn !

**Klassement Käldall**
No engem ganz schnellen Iwwerbléck ass och hei opgefall, datt mol op mannst bei engem Jonken (mat engem duebele Virnumm) nëmmen 1 Virnumm iwwerholl gouf.
D'Klassement gëtt nach an deenen nächsten Deeg no weideren Ongereimtheeten ënnersicht.

- Dokument fir den Delegéierten

Dokument as bis op folgend Klengegkeeten ok, a kann esou finaliséiert gin:

- avant la course: contrôler l'autorisation de départ des coureurs étrangers
- pendant la course: ajuster le cas échéant le nombre de tours afin de respecter la durée de la course
- après la course: faire une photo des podiums de tous les concurrents pour les réseaux sociaux

- Nächst Coursen

Zu Dippech de 17.5 as de Claude Magar Delegéierten.

Zu Pärel sin de Marco Schmitz an de Romain Engels op der Plaz. De Florian Salzinger stellt eng Generalautorisatioun fir all Kanner aus, a schéckt déi un den Organisator.

Den 1.6 zu Déifferdéng as de Marco Schmitz Delegéierten, de 7.6 an der Millebaach as ët de Guy Kruchten an den 9.6 zu Rodange de Lex Schroeder.

- Reglement (wou si mer drun)

D'Claudine Conter huet virgeschloen, dat mir eis nach emol gesin fir zesummen eng kohärent Versioun vum Reglement opzestellen. De Claude Magar an de Marco Schmitz wärte sech mam Claudine a Verbindung setzen, dat mir esou séier wéi méiglech e Konsens fannen. Soubal eis Kommissioun dee Konsens virleien an approuvéiert huet, kënnen d'Veräiner geruff gin fir eng Präsentatioun. (Am Idealfall nach virun der grousser Vakanz.)

- Kleedung?

Hoodie, Softshell an T-shirt sinn endlech bestallt a misste geschwënn geliwwert ginn.

- Traininger op ACL-Pist

Esou Traininger si bis den Oktober all éischten Dënsdeg am Mount geplangt. De Romain Engels an d'Suzie ware beim läschten Training derbäi a konnte sech iwwerzeegen, dat daat eng immens flott Saach ass, déi an Zukunft hoffentlech nach kann ausgebaut ginn.

- Spillfest, Olympiadag (News?)

De Marco Schmitz an de Serge Raach hu Congé sportif fir den Olympiadag ugefrot, kruten awer nach kee Retour.
De Lex freet nach emol op der FSCL no, wéi ët fir d'Spillfest ausgesäit.

- Divers

Op Facebook, Instagram asw. soll Folgendes drop:

- De Flyer vun der Course, wann d'Aschreiwungen opgin oder déi Woch virum Event.

- E puer Fotoen (Podium mat alle Kanner asw.) mat engem kuerze Kommentar nom Event.

Fir d'nächst Joer soll nees en extra Kalenner fir d'Epreuves Jeunes an der Spezialausgab vun der Revue komme, fir eng besser Sichtbarkeet. De Guy freet beim Sekretariat eng E-mail Adress fir d'Jeunes, op déi mir (am Ufank mol de Lex, de Guy an d'Suzie) Zougrëff hunn. Hie weist och nach emol op déi formidabel Arbecht vun eisen fréiere Member Steve Urban hin, deen am Hannergrond fir d'Klassementer asw. immens vill hëlleft.
Ët as opgefall, dat dee läschte Week-end nees Kanner am Ausland gestart sinn, opschon Course zu Käl war. (Wagner Ethan vum Atertdall zu Eupen an Emily Knudsen beim Bauhaus Cup) De Lex Schroeder freet bei der Federatioun no, op eppes ugefrot gi war, a kuckt mat hinnen zesumme, wéi mir dorop reagéiere sollen.
De Marco weist eis drop hin, dat mir en Vue vun enger Verlängerung vun eisem Sponsorat vum Kichechef misste virum Juli eng deementspriechend Ufro formuléieren an un den Här Hilgert schécken.
Am Budget mussen och Kaderplacke fir Minimes/Cadets virgesi gin, fir dës Kategorie gët awer kee Generalklassement erstallt.

<u>Nächst Versammlung:</u> de 16.6.2025 um 19:15 um Stade Boy Konen